Question écrite n°1011 - Sujet : Conseil d'administration de Cargolux

Auteur(s) : Monsieur Gast Gibéryen, Député
Destinataire(s) : Monsieur François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
Date limite de réponse à la question : 23-04-2015

Evènement(s) :

Date	Description	Liens
23-03-2015	Dépôt de la question	Document écrit de la question
23-04-2015	Délai de réponse dépassé	
28-04-2015	Réponse écrite de Monsieur François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures	Document écrit de la réponse

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
23 MARS 2015
1011

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Mäerz 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen weiderzeleeden.

Am Kader vun der Spuerpolitik bei der Cargolux liest ee vill iwwer déi nei Conditiounen, mat deenen an Zukunft d'Personal an dorënner och d'Piloten sollen agestallt ginn. Parallell dozou ass awer ze héieren, dass an der Direktioun a beim Management vun der Cargolux d'Indemnitéiten an de leschte Joer staark gehéigt gi wären. Zousätzlech ass ze héieren, dass eenzel Leit, déi net laang an der Direktioun waren, héig Oofgangsentschiedegunge kritt hätten. Dofir wollt ech dem Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen dës Froe stellen:

1. Kann de Minister mer eng Lëscht ginn iwwer d'Entwécklung vun de Rémunératiounen an Indemnitéiten inklusiv de Bonussen zum Joresenn, déi nët ënnert de Kollektivvertrag falen? An dat fir d'ganz Direktioun an de gesamte Management iwwer déi lescht fënnef Exercicer? Doraus soll ervirgoen, wivill Rémunératiounen an Indemnitéite fir de Management global bezuelt gi sinn, mä och, wivill den eenzelne Mëmber an deem nemmlechten Zäitraum kritt huet, ouni elo Nimm ze nennen.
2. Da willt ech nach wëssen, wat d'Positioun vun de Regierungsvertrieder am Verwaltungsrot war, an zwar bei all Vote iwwer d'Rémunératiounen an Indemnitéiten vun de Leit vun Direktioun a Management iwwer dee nemmlechten Zäitraum?
3. Goufen am Zäitraum 2009-2014 och d'Indemnitéiten an d'Rémunératiounen vum Verwaltungsrot ugepasst? An deem Fall wéilt ech och dofir eng Lëscht mat entspriechenden Informatiounen iwwer d'Zomm, d'Erhéigung an de Vote vun de Regierungsvertrieder am Verwaltungsrot.

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

Luxembourg, le

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 AVR. 2015

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1011 du 23 mars 2015 de l'honorable député Monsieur Gast Gibéryen, concernant le conseil d'administration de Cargolux, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre du Développement durable
et des Infrastructures

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 22 31 60

Äntwert vum Här François Bausch, Nohaltegkeetsminister,
op d'parlamentaresch Ufro N° 1011 vum 23. März 2015
vum Här Députéierten Gast Gybérien

Als Äntwert op d'parlamentaresch Ufro vum honorablen Députéierten Gast Gybérien ass Folgendes ze soen:

Et ass net un der Regierung fir d'Personalpolitik vun enger kommerzieller Gesellschaft ënner privatem Recht ze kommentéieren, an a fortiori och net d'Remuneratioun vun eenzelnen Memberen - sief et vum Management oder vun aneren Organer vun der Firma - ze divulgéieren. Déi entspriechend Decisiounen an deem Kontext si vun deene laut Statuten an dem Gesellschaftsrecht zoustännegen Organer vun der betraffener Gesellschaft ze huelen.